



**Material:**  
eng Täscheluucht, e  
Karosblat, e Bläistëft  
oder eng Füllfieder

# MISSION LUMEN

## Missioun: Sich déi däischterste Plaz an denger gebauter Welt doheem.

Am Wanter gëtt et owes fréi däischer. Awer gëtt et eigentlech richteg däischer bei dir am Haus? Dat solls du bei dëser Missioun erfuerschen!

1. Waart bis et dobaussen däischer ass.  
Fir déi, déi Zougang zum Internet hunn: Kuckt emol no, wéini d'Sonn ënnergeet! Dat fannt dir op [www.meteolux.lu](http://www.meteolux.lu), wann dir ganz lénks op „Météo au Luxembourg“ gitt.
2. Géi fir d'éischt op d'Sich no all de Liichtquellen an denger Wunneng. Dat kënnen Luuchte sinn, de Fernsee awer och all aner Liichtercher, ewéi déi vun der Kachplack oder d'Zuele vum Radiowecker. Maach eng Lëscht vun all de Liichtquellen, déi s du fënns!
3. Och vun dobaussen kënnst Luucht an d'Wunneng eran, zum Beispill vun de Stroosseluuchten oder vun den Autoen, déi laanscht fueren. Schreif och dës Liichtquellen alleguerten op.
4. Huel deng Täscheluucht bei Hand. Maach elo all d'Luuchten, déi s du ausschalte kanns, an denger Wunneng aus. Verschiddener kritt een net aus, ewéi zum Beispill déi vum Feiermelder.
5. Maach deng Täscheluucht un a géi elo vun engem Raum an deen aneren. Wann s du an der Mëtt vun engem Raum bass, da bleif stoen a setz dech. Maach d'Täscheluucht aus a waart bis deng Ae sech un d'Däischtert gewinnt hunn (Tipp: ziel bis 60!).
6. Wann s du fäerdeg bass, dann iwuerlee, a wéi engem Raum et am däischtersten ass! Ass dat d'Schlofkummer? Oder en anere Raum?

**Expertefro:**  
Wat ass e Lumen?



**Antwort op d'Expertefro:**  
D'Luucht, déi vun enger Liichtquell ausgeet, gëtt a Lumen (lm) gemooss. Et ass d'Eenheet vun der „Liichtleeschung“ vun enger Luucht.  
Beispill:  
Eng Glühbir vu 60 W strahlt eng Luucht vu 700-750 lm (Lumen) aus.

*gebaute*  
**eis Welt**  
doheem